

Ëmstellung och vum informatesche System bedénkt. Mir sinn an deem Kalenner, dee mir eis virgeholl haten.

Dat wär dat, wat ech zu dësem Zäitpunkt wollt am Numm vun der Regierung soen. Mir wäerten de Mëtteg d'Geleeënheet kréien, nach am Detail op verschidde Punkten zrëckzekommen, wann déi eenzel Motiounen zur Debatt stinn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Diskussioun iwwert de Budget 2000 ofgeschloss. An der Sitzung vun de Mëtteg komme mer zur Lecture vun den Artikelen, dem Vote vum Gesetz an dem Vote vun de Motiounen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.27 heures)

15^e séance

Jeudi 16 décembre 1999

Présidence

M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Dépôt de deux projets de loi et d'une proposition de loi
2. Projet de loi 4590 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000 (*Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Résolution et Motions*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

M. le Président.- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Den Här Minister Luc Frieden freet d'Wuert.

1. Dépôt de deux projets de loi et d'une proposition de loi

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, ech sinn autoriséiert, fir folgend Projets de loi an der Chamber ze deponéieren:

- projet de loi 4611 portant transposition de la directive 98/26/CE concernant le caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et de règlement des opérations sur titres dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier et complétant la loi du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;

- projet de loi 4612 portant modification de certaines dispositions de la loi du 30 mars 1988 relative aux organismes de placement collectif.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun dësen zwee Projets de loi a gëtt se weider un déi zoustänneg Kommissioun.

D'Wuert huet elo den Här Alex Bodry, fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt a mengem eegenen Numm an am

Numm vu mengem Fraktiounskolleeg, dem Här Mars Di Bartolomeo, eng Proposition de loi hei deponéieren:

- proposition de loi 4609 relative à la réhabilitation des volontaires de l'Espagne républicaine.

Et dréit sech hei drëm, e leedege Problem ze léisen, dee mer eng Rei vu Jore virun eis herschubsen, an zwar datt déi Lëtzebuerger, déi engagéiert waren an den internationale Brigaden am Spueniekrich, eigentlech keng Unerkennung bis elo hei zu Lëtzebuerg kritt hunn.

Mir sinn do der Meenung - an de Statsminister huet dat a sëllegen Interventiounen an deene leschte Joren och bestätegt -, dass déi Leit sech fir d'Fräiheet an de Fridden agesat hunn, an dass se och mussen eng Unerkennung kréien. Dat schénkt op Grond vun deene Gesetzer, déi haut bestinn, net méiglech ze sinn; duefir dës Proposition de loi. Et geet also drëm, endlech deene Leit déi Unerkennung ze ginn, déi se wierklech verdéngen. Ech froen och, dass dës Punkt op d'Dagesuerdnung vun enger nächster Sitzung vun der Chamber kënnt. Merci!

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi vum Här Alex Bodry a gëtt se och weider un déi zoustänneg Kommissioun.

No der Budgetdiskussioun komme mer haut de Mëtteg zur Lecture vun den Artikelen an zur Ofstëmmung iwwert den 2000er Budget an d'Motiounen, déi dozou deponéiert goufen. Mir maachen elo d'Lecture vun den Artikelen vun der Loi budgétaire a stëmmen doriwwer an iwwert d'Amendementen of.

Ech wëilt drop opmierksam maachen, dat d'Amen-
dementen, déi vun der Commission des Finances et du
Budget ugeholl goufen, en integrale Bestanddeel vum
Budgetsprojert duerstellen. Den Texte coordonné vum
Budgetsprojert ass un d'Deputéierte verdeelt ginn als An-
nexe vum Rapport complémentaire vun der Kommis-
sion a steet am Dokument 4590⁷.

Déi verschidde budgetär Kreditter an Dépenses als
Annexe zum Texte de loi gehéieren zum Artikel 1.

2. Projet de loi 4590 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000 (Suite)

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies.

Zu deem Artikel huet den Här Camille Gira een
Amendement abruecht. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Bei dësem Amen-
dement geet et drëm, déi Saach ze erkläre mam Règle-
ment grand-ducal iwwert d'Biodiversitéit. Mir hunn et
elo schonn e puermol erklärt; hei nach eng Kéier schnell
de Résumé dervun.

Déi al Regierung huet fir eng Rei EU-Direktiven a
Konventionen, déi se agaangen ass am Beräich Natur-
schutz a Biodiversitéit, ee Règlement grand-ducal an
Ausaarbechtung gi gehat. Do war et evident, dass op
Grund vum Naturschutzgesetz vun 1982 den Ëmweltmi-
nister zoustänneg wier, fir déi Politik ze maachen, mä
awer dann och logescherweis zoustänneg wier, fir déi
Kreditter ze verdeelen.

Am Kader - ech weess net wou et geschitt ass - ent-
weder vun de Koalitiounsverhandlungen respektiv vun de
Budgetdiskussionen ass et awer elo esou gaangen, dass
am Ufank all déi Kreditter beim Agrarministère gelant
waren. Du sinn eng Rei Leit opgetaucht an hu gemengt,
dat kéint awer net sinn, well do wiere Gemengen a
Privatleit, déi do Kreditter zegutt hätten, an da misst
mindestens en Deel eriwuer kommen. Egal wéi et och
ass, ech mengen, et geet hei drëm, Naturschutzpolitik ze
maachen. Et geet hei drëm, d'Gesetz vun 1982 ëmzeset-
zen an da wier et politesch logesch an, ech mengen, och
juristesesch logesch, fir deem Minister Kreditter ze ginn,
dee kompetent ass an där Matière.

Et geet hei ëm méi wéi déi puer Milliounen, déi an en
anere Ministère eriwuer getässelt gi sinn. Et geet hei ëm
de Prinzip, dass mer eis eens ginn, dass et esou bleift,
dass Ministeren, déi iwwer eng Regierungskompositioun
zoustänneg sinn, fir eng gewësse Politik ze maachen,
dann awer och kompetent sinn, fir déi jeweilig Kreditter
ze verdeelen. Mir schafen hei e Präzedenzfall, wou mer
net no der Politik kucke bei de Kreditter, mä no deene
Leit, déi d'Sue kréien. Wa mer dat bis ufänken, da geet
nun awer wierklech alles drënner an driwuer am Budget.
Da kucke mer net méi, wéi eng Politik dass mer maa-
chen, mä da kucke mer nach just, wien dann elo

Bénéficiaire vu gewëssene Kreditter ass. Da weess een
net méi, wéi déi Saach soll funktionéieren.

Ech hunn och d'lescht Kéier scho gesot, dass dat hei
fir vill Opreegung net nëmmen an Ëmweltschutzkreesser
suergt, mä och a Landwirtschaftskreesser. Net méi spët
wéi virun enger halwer Stonn war d'Petitiounskommis-
sion zesummen, fir iwwer eng Petitiounslëscht vun
ëmmerhin 275 Baueren - dat si graff gesinn 10% vun alle
Betriber an déi Ënnerschrëfte sinn a kuerzer Zäit gesam-
melt ginn - ze diskutéieren, déi och net mat där heite
Prozedur averstane sinn. Et hätt ee jo wierklech kënne
mengen, dass nun awer d'landwirtschaftlech Kreesser
frou wieren, dass déi Kreditter elo bei "hire" Ministère
affektéiert géife ginn. Mä neen, och deene Leit liicht et
net an, dass déi do Kreditter dohi kommen.

An Tëschenzäit gëtt ee lénks a riets gewuer, wéi dann
elo déi komplizéiert Prozedur soll lafen. Ech géif lech elo
hei eng Graphik weisen iwwer wéivill verschidde Stellen
an duerch wéivill Kommissiounen a Ministère an
Zukunft eng kleng Demande de subside, déi vläicht iwwer
10 oder 15.000 Frang geet, vun engem Bauer, engem
Privatmënsch an deelweis och vun enger Gemeng muss
lafen, fir dass endlech déi Subsidie vläicht do ukommen,
wou se sollen. Wann Der dat géift gesinn, kéint Der fest-
stellen, dass dat nun awer alles anescht ass, wéi en Usaz
vu Réforme administrative. Dat ass nun awer alles anescht
wéi dat, wat d'Demokratesch Partei hei an de Wale ver-
sprach huet, fir méi Transparenz am Statsbetrieb ze wei-
sen.

Här Rippinger, Dir kënnt mat der Hand weisen,...

(Interruptions)

...mä et ass net u grouse Spréch,...

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Sot emol eppes
Neits!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - ... wou d'Politik
gemooss gëtt, mä et ass an der Ëmsetzung vu konkrete
Moossnamen. Hei ass e klengt Beispill an hei verkomplizéiert
Der wierklech dramatesch d'Manéier, fir dass e
puer Leit hei am Land Subsidie kréien. Et ass e Géige-
beispill vun administrativer Vereinfachung, ouni op dee
politesche Volet ze schwätzen ze kommen.

Wann een da gesäit, dass elo och nach virgesinn ass
an där Kommissioun, déi déi Subsidie soll begutachten,
dass elo op eemol e Groupement des sylviculteurs och
nach Matsproocherecht kritt, da bleiwen engem wierklech
Aen an Oueren opstoen. Da freet ee sech, wat do nach
vum ekologesche Gedankegut iwwer bleift, wann déi
Leit, deenen hir Membere sollen d'Subsidie kréien, mat
derbäi sinn, wann d'Subsidie verdeelt ginn!

Dat do erënnert mech ganz ellen, Här Mehlen, un déi
Geschicht wou déi Leit aus der Bauerenzentral hëllefen,
Milliounen an de Kuelbecher Haff ze stiechen. Hei gëtt
erëm datselwecht gemaach an erëm beim Landwirt-
schaftsministère. Et kann net sinn, dass dat hei esou
ugeet. D'Ëmweltorganisatiounen hunn e Recours virum